



ass, ass natierlech an totaler Kontradiktioun zu deem Gesetz, wat mer grad gestëmmt hunn. An dofir kënnen mir déi dote Motioun selbstverständlech net unhuelen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen. Nee, den Här Kartheiser freet nach d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Just firlech ze bieden, e Vote électronique ze maachen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass ofgeschloss, d'Motioun 2 ass bei 3 Jo-Stëmmen ...

► **Plusieurs voix**.- 4!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- ... 4 Jo-Stëmmen, iwwert d'Procuration, a bei 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Claude Haagen), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kéime mer zum Vott an der Diskussioun zur Motioun 3.

Motion 3

Et ass proposéiert ginn, fir dës Motioun 3 an d'Kommissioun ze verweisen. Fir d'éischt freet awer nach den Här Clement d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, och wann déi Motioun hei sollt an d'Kommissioun verwise ginn, wëll ech awer vun der Plaz hei profitéieren, well de Kolleg vun deene Lénken huet eng wichteg Fro hei opgeworf, nämlech déi vun der Exklusivlëscht vum FDC, vum Fonds de compensation, deen haut, an net viru méi laang wéi sechs Deeg seng Lëscht u sech à jour gesat huet, fir elo 126 Firmen opzelëscht.

Wie weess, datt et weltwäit 630.000 Firme gëtt, déi kënnen op de Marché gehandelt ginn, dee mierkt, datt déi Lëscht dach erstaunlech kleng ass. A wann ee sech dann déi Lëscht ukuckt, dann ass se nach ëmsou méi erstaunlech, well et si gutt Geschäftspartner vun der Lëtzebuerger Regierung drop.

Ënner anerem fënnt een dorobber Airbus, déi ëmmerhin op där Lëscht stinn, well se schéin déi Businesspractices hunn a schlecht fir den Environnement sinn a Controversial Weapons hiestellen. Gläichzäitig ass et Airbus, vun deene Lëtzebuerger e puer Helikoptere keeft.

Da steet Audi drop, an déi leschte Kéier, wou mer Question-parlementairen zum Fuerpark vun der Regierung haten, stoungen do Audien drop, iwwer Volkswagen geet et weider, Boeing steet mat drop. Wien net dropsteet, mee wou de Fong dann awer Aktien huet oder Obligationen, dat sinn Engie, EDF, déi goufe scho genannt. An da GE Capital, déi ëmmerhi fir de Refinanzement vun Atomzentralen déngen. General Electric insgesamt, déi relativ alles maachen. Also wann een déi ganz vast Exklusivskrittären hält, fanne mer do sécher och deen een oder anere Grond, firwat ee mat GE net sollt schaffen. Et ass also e bëssen ewéi e

Schwäizer Kéis, déi Exklusivlëscht. Mir hunn do 126 Nimm, déi iergendwann eng Kéier vum Conseil d'administration dropgesat goufen, vu ganz, ganz ville Firmen, déi ee vill méi iwwerschaubar misst kucken.

De Fong huet iwwregens iwwer 8.000 Investementer iwwer verschidde Sous-Fongen. Iwwregens och 600 Milliounen bal an Immobilien. Och eppes, wou ee sech d'Fro ka stellen, ob déi net sollten an abordabele Logement zu Lëtzebuerg investéiert ginn.

Soit, ech mengen, datt déi Fro vum Fonds de compensation vill méi breet muss gefouert gi wéi just iwwert d'Atomenergie. Ech hätt déi heite Motioun matgestëmmt, well ech de Prinzip ganz sympathesch fannen. Ech sinn awer genausou frou, wa mer an der Kommissioun dat Faass Fonds de compensation ganz breet kënnen opmaachen, well do gëtt et definitiv eng méi grouss Liste d'exclusion ze féiere wéi just 126 Firmen, vun deenen e puer nach ganz gutt Geschäftspartner vum Lëtzebuerger Staat sinn.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement.

An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Jo, den Här Clement huet absolutt Recht. Et muss een am Prinzip ganz breet doriwwer diskutéieren. Mir hunn eis an dëser Motioun u sech nëmmen op déi Betriber konzentriert, déi Atomenergie produzéieren, well mer grad an enger Diskussioun waren iwwer Atomenergie.

Mee ech kannlech awer versécheren - an Dir kënnt dat an deene verschidde Procès-verbaux kucken an noliere vun deenen allerleschten, vun deene leschte Joren -, zu immens villen Debatten hu mir als Lénk ganz oft zu deene verschiddenste Froen, zu deene verschiddenste Sujeten all Kéiers déi Fro opgeworf: Firwat kann een net zum Beispill de Fonds de compensation botze vun enger Partie vu Betriber, déi och géint d'Mënscherechter ginn? Zum Beispill bei Kooperationsdebatte féiere mer dat all Kéiers un, fir datt dat erausgeholl gëtt an esou weider an esou virun.

An 2016 huet déi heite Chamber och eng Motioun ugehall, huet déi heite Chamber eng Motioun ugehall, déi seet, datt d'Regierung, an dat misst de Minister vun der Sécurité sociale sinn, misst e Bericht maachen, iwwer justement d'Investitionspolitik vum Fonds de compensation.

Wat ass mat där Motioun geschitt? Näischt! Wat relativ grav ass! Et ass grav! An ech mengen, do misst een e bëssen d'Regierung an den zoustännige Minister rëselen. Mir maachen dat reegelméisseg, all Kéiers. An da kréie mer all Kéiers déi selwecht Antwort, wéi och déi vun der Madamm Dieschbourg: „Jo, mir schaffen un den Exklusivskrittären. Mir sinn amgaangen, drun ze schaffen.“ Dat ass eng Antwort, déi mer zënter Joren héieren. An et geschitt näischt! Et geschitt strictement näischt!

An ech ginn dovunner aus, datt, wa mer déi Motioun hei an d'Kommissioun weiderginn, och näischt wäert geschéien. Da kënnt den Här Schneider an erzielt eis eng laang Geschicht, datt se amgaang sinn, drun ze schaffen. An da geschitt näischt, well dat ass d'Erfahrung, déi mer gemaach hu bis elo. Ech stelle mer souguer d'Fro: Géif se ugehall ginn - vu datt souwisou heiansdo Motiounen ouni Effekt endegen, wat e reellen demokratesche Problem hei ass am Land -, da weess een och emol net, ob eppes géif geschéien. Ech fannen dat relativ grav.

Déi Motioun ass jo guer net komplizéiert. A si ass net schwéier ëmzesetzen a Wierklechkeet. Et ass en plus eng Fuerderung, déi net nëmme mir droen; d'Atombewegung dréit se, den OGB-L huet se ugehall op sengem leschte Kongress. Also, et ass eng Evidenz, wa mer schonn eng Regierung hei hunn, déi ganz aktiv ass, déi ganz vill Aktiounen mécht géint d'Atomenergie, fir net ze soen Aktionismus mécht géint d'Atomenergie, datt mer just fuerderen, datt déi Portefeullen erausgeholl ginn aus dem Fonds de compensation. Ech hu se opgezielt. Et sinn der warscheinlech nach méi. Ech weess, dat evoluéiert jo nach. Dat kann ee ganz einfach maachen.

Mir, déi heite Regierung, déi Lëtzebuerger Regierung, déi fuerdert vun anere Regierungen, vun der franséischer Regierung, vun der belscher Regierung, datt se hir Atomkraaftwierker zoumaachen. Zu Recht! Mee esou eppes ass immens komplizéiert. Et ass vill méi einfach, erauszegoen aus dem Invest vun der Atomenergie wéi Atomkraaftzentralen ofzeschalten.

Mir fuerdere vun anere Länner vill méi komplizéiert Saache wéi dat, wat mir hei zu Lëtzebuerg kéinte maachen. Op eemol ass erëm alles komplizéiert. Dat héiere mer zënter Joren. Wa mer minimaalst kohärent wieren, géife mer,

duerch e puer Klicken, duerch e puer Decisiounen, einfach esou aus dem Invest vun der Atomenergie erausklammen. Do gëtt et net vill ze diskutéieren.

Dofir si mir der Meenung, datt déi heite Motioun soll ofgestëmmt ginn, well mir wësse ganz genau, datt, wa se an d'Kommissioun weidergeleet gëtt, da wäert näischt geschéien. An et ass guer net komplizéiert. A bestëmmt net fir déi gréng, do kann et wierklech net komplizéiert sinn. Den Här Turmes huet vun engem historesche Moment geschwat. Mir hunn hei en historesche Moment, wou déi gréng kënnen awer soen: „Lëtzebuerg kann elo aus der Finanzéierung vun der Atomenergie erausklammen.“ Allez, kommt, maacht et!

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Wagner. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här François Benoy.

► **M. François Benoy (*déi gréng*)**, *rapporteur*.- Merci, Här President. Mir sinn d'accord mat der Iddi, déi derhannertstécht bei der Motioun. Et ass wichteg, dass mer eng kohärent Politik maachen. Dass mer och vum Fonds de compensation schwätzen, wou investéiert gëtt. Dofir hu mir Gréng ons schonn ëmmer staarkgemaach. An et steet jo och am Koalitionsaccord, wéi et schonn e puermol gesot ginn ass.

An dofir géif ech déi Lénk wierklech froen, dass mer dat doten an der Kommissioun kéinten diskutéieren, och an der Ëmweltkommissioun, mat der Sécurité-sociales-Kommissioun dann zesummen. Zënter, elo an dëser Legislaturperiod hu mer dat heiten Thema nach net an der Ëmweltkommissioun thematiséiert. Dofir ass et keng Geschicht, déi grad esou e laange Baart huet, wéi den David Wagner et elo dann hei seet. Dofir wär ech frou, wa mer dat esou kéinte maachen. A wann déi Lénk bereet wären, dass mer déi Motioun do kéinten diskutéieren.

An ech soenlech och, ech garantéierenlech, dass mer dat net eréischt Mokuchsdag maachen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Benoy.

Ass nach eng Wuertmeldung do? Da stëmme mer iwwert déi ...

(Interruption)

Den Här Wagner, wannechgelift.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Also, mir bleiwen derbäi, datt déi Motioun muss ofgestëmmt ginn. Et ass net komplizéiert. Ech wëll, mir wëllen, ...

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Jo, jo.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- ... datt déi heite Regierung ...

(Brouhaha)

... sech derzou bekennt, fir erauszeklammen aus der Finanzéierung vun der Atomenergie.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Da stëmme mer iwwert d'Motioun ...

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Mee mir kënnen och an der Kommissioun doriwwer diskutéieren. Dat eent schléisst dat anert net aus.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Jo.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- A mir wäerten och derfir suergen, datt et ...

Vote sur la motion 3

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Mir stëmmen iwwert déi Motioun of. D'Ofstëmme fänkt un.

Wien ee Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

D'Motioun 3 ass ofgeleent mat 31 Nee-Stëmmen, 25 Jo-Stëmmen a 4 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Claude

Haagen), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Motion 4

Da komme mer zur Motioun 4 vum Här David Wagner. Ass do eng Wuertmeldung do? Den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Jo.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Den Auteur vun der Motioun.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Ech hat et a menger Ried gesot: Déi heite Motioun kéint jo superfetatoire ginn! A mir wieren och bereet, se zrëckzezéien, wa mer d'Informatiounen kréien. An esou, wéi ech matkritt hunn, wäerte mer de Plang kréien, d'Resultater vun der Participatioun. Voilà. Da kënnen mer se zrëckzéien. Dat ass kee Problem.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Okay. Dës Motioun ass domadder zrëckgezunn.

(La motion 4 de M. David Wagner est retirée.)

Resolution 1

Da komme mer zur Ofstëmmung vun der Resolution. Ech gesi keng Wuertmeldung. Wie mat der Resolution ...

(Brouhaha)

O, den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Jo, merci, Här President. Eis Bemerkung ass d'selwecht wéi virdrun. Hei gëtt positiv op dat Gesetz gestëmmt, wat haut hei iwwert d'Responsabilité civile gestëmmt ginn ass. Dir wësst, eis Position ass do eng aner. Dofir wäerte mer eis bei dësem Text och enthalten.

Ech soenlech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Dann hat nach den Här Clement d'Wuert gefrot. Oder net?

► **Une voix**.- Nee.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nee. Ech mengen, da kënnen mer iwwert d'Resolution ofstëmmen.

Vote sur la résolution 1

Wie mat dëser Resolution d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Resolution ass da bei 3 Enthaltungen ugehall.

11. 7573 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

Mir kommen elo zum Ännerungsvorschlag zum Chambersreglement 7573 iwwert den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Ännerungsvorschlag zum Chambersreglement, den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Roy Reding (*ADR*)**, *rapporteur*.- Jo, merci, Här President. Léif Kollegen, dës Ännerung un eisem Reglement ass néideg ginn duerch d'Adoptioun vum Gesetz vom 1. Abrëll 2020, woumat mer den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher agefouert hunn an deen der Chamber rattachéiert hunn.

Den Text gouf deposéiert de 6. Mee vum honorabelen Deputéierte Gilles Baum. D'Präsidentekonferenz huet dës Proposition un eis Commission du Règlement verwisen de 7. Mee. D'Kommissioun huet mech als Rapporteur designéiert den 12. Mee. A mir hunn deen Text eingeeënd studéiert an de Projet de rapport ass unanime ugehall ginn den 19. Mee vun dësem Joer.

Am Weesentleche geet et hei ëm fënnef Punkten:



Dat Éischt ass: Vu datt elo d'Chamber deen Ombudsmann designéiert, hu mer mussen eng Prozedur aféieren. An déi hu mer da calquéiert op déi Prozedur, déi mer och hu fir de Mediateur, fir den normalen Ombudsmann, oder den allgemengen Ombudsmann.

Dat Zweet, wat mer gemaach hunn, ass, datt mer gesot hunn, ënner wat fir enge Konditiounen mer deen Ombudsmann ofberuffe kënnen. An dat wier zum Beispill de Fall, wa gesondheetlech Problemer wieren, wann den Ombudsmann duerch eng aner Ursach an der Incapacitéit wier, fir seng Aarbecht ze leeschten, wann e géif eng Fonctioun unhuelen, déi laut Gesetz - Artikel 11 vum Gesetz vum 1. Abrëll 2020 - net kompatibel wier mat senger Fonctioun, a schlussendlech, wann e seng Fonctioun net géif konform zum Gesetz exercéieren oder soss e graavt Feelverhalen him virzeweier wien.

Den drëtten Punkt ass u sech den interessanten. An deem Punkt reegele mer d'Aarbechtsverhältnis tëscht der Chamber, zu där jo dann den Ombudsmann rattachéiert ass, a senger Institutioun. Wat do ganz interessant ass: All Kommissioun kann an Zukunft den Ombudsmann an d'Kommissioun ruffen, wann iergenden Thema ass, wat am wäitste Sënn d'Rechter vu Kanner oder Jugendleche betrëfft a wou seng Meenung gefrot ass. An emgredéit kann och den Ombudsmann selbstverständlech froen, fir an all Kommissioun gehéiert ze ginn, wann en der Meenung ass, seng Interventioun wier wichteg.

Déi lescht zwee Punkte sinn u sech technesch Natur. Dat ass, datt och den Ombudsmann fir d'Rechter vum Kand a Jugendlechen an Zukunft muss e järeleche Rapport virleeën - genau wéi dat och fir de Mediateur de Fall ass - iwwer d'Situatioun vun de Kannerrechter an och iwwer seng eegen Aktivitéiten.

A schlussendlech wäerte seng järelech Konten dann och genausou kontrolléiert ginn an apuréiert ginn, wéi mer dat och haut scho maache fir de Mediateur.

Ech wollt ofschléissen a Merci soe fir déi wirklech flott, effizient a sympathesch Zesummenaarbecht, déi mer an där Kommissioun hunn, a virun allem och eisem Kommissiounssekretär, dem Benoît Reiter, fir seng absolutt virbildlech Aarbecht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Reding. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport a gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dëser Proposition.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här President. Fir d'Éischt e grouse Merci un den honorabelen Här Reding fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Voilà, et ass elo souwäit, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher ass un d'Chamber rattachéiert, esou wéi et an der leschter Legislativperiod gefuerdert ginn ass an esou wéi mer et an der leschter Legislativperiod och an d'Wee geleet hunn, fir dann effektiv mam Gesetz vum 1. Abrëll vun dësem Joer rechtskräftig ze ginn. Dofir mussen elo verschidden Adaptatiounen am Chambersreglement virgeholl ginn. Dës Adaptatiounen betreffen haaptsächlech d'Designatiounsprozedur vum Ombudsmann, awer och d'Aarbecht mat der Chamber, well jo all Chamberskommissioun den Ombudsmann elo ka saiséieren.

D'Rattachéiere vum Ombudsmann un d'Chamber ass den Haaptënnerscheed zum fréieren ORK. An dëst erlaabt dem Ombudsmann, seng Aufgaben a voller Onofhängegkeet an awer och mat deenen néidege Ressourcen ze assureieren. Duerch dës Initiativ ënnersträiche mir als Chamber nach eng Kéier de Stellwäert, dee mir dem Schutz vun de Kanner an och dem Schutz vun hire Rechte hei zu Lëtzebuerg ginn.

E grouse Merci un d'Mataarbechter vun der Chamber, déi bei dësem Projet matgeschafft hunn. Op eng gutt Zesummenaarbecht mam Ombudsmann!

An ech ginn natierlech och den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Merci, Här President. A selbstverständlech ginn ech och de Merci weider un de Rapporteur. Méi e grouse Merci awer un déi Responsabel vum ORK, deen nom Gesetz vum 1. Abrëll „OKaJu“ heescht: Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher - an de President kann dat bescheinegen -, deen eng exzellent Zesummenaarbecht mat eiser Chamber huet an och dhokomm ass iwwer d'Gesetz, wuer e grad ewéi den Ombudsmann higeheiert, ënnert de Giron vun der Chamber, wat em méi eng grouss Independance garantéiert an déi Zesummenaarbecht nach weider verstärkt.

Et ass richteg gesot ginn, dass am Gesetz eng Rei vu Responsabilitéiten vun der Chamber festgeluecht si fir hire neie Partner. A fir dat kënnen ëmzesetzen, hu mer dat missen an engem Kapitel an eisem Chambersreglement festhalen. Dat maache mer haut. A mir freeën eis op eng weiderhi gutt Zesummenaarbecht mam „OKaJu“ - et kënn nach net esou richteg eriiwwer. Den Numm huet geännert, d'Leit, déi bleiwen déi selwecht, ganz engagéiert Leit!

Merci villmools dem ORK an op eng gutt Zesummenaarbecht ënner neiem Numm mat där wichtiger Institutioun, déi d'Interête vun de Kanner an de Jugendleche vertritt. Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Di Bartolomeo. Da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Och mir Gréng sinn natierlech immens frou, datt mer dëse Schrëtt maachen. Wéi gesot, dës Modifikatioun baséiert jo um Gesetz vum 1. Abrëll, wat d'Onofhängegkeet vum Ombudsmann, deen domat geschafe ginn ass, och garantéiert huet.

Ech wéilt an deem Kontext awer och un de Camille Gira erënneren, dee bei der Schafung vum Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand schon am Joer 2002 gefuerdert hat, datt déi Instanz sollt onofhängeg ginn. E kann et leider net erliewen, mee mir wësse genee, datt dat säin Häerzenswonsch war. A fir eis ass et och wirklech hei e Pleséier, kann ech soen, dobäi elo och un hien ze denken.

Et muss ee soen, mir sinn elo op der leschter Etapp ukomm. Et ass eng wichteg Etapp och an der Ëmsetzung vun der UN-Kannerrechtskonventioun, déi mer als Lëtzebuerg jo ganz groussschreiwen. An deem Sënn begreisse mer natierlech ganz staark, datt elo den Ombudsmann fir d'Rechter vun de Kanner a Jugendlechen zu all Gesetz muss Stellung bezéien, en Avis ofginn ëmmer dann, wa Kanner a Jugendlecher betraff sinn, respektiv datt och dee Moment, wou eng Chamberskommissioun der Meenung ass, datt e soll invitéiert ginn, si e kann invitéieren.

Dat bedeit, datt d'Zesummenaarbecht tëscht dem Ombudsmann a senger Ekip mat der Chamber wäert bedeitend verstärkt ginn. An der Lescht hu mer e just eemol am Joer an der Chamber gesinn: En huet de Rapport virgestallt. Elo hu mer d'Méiglechkeet, ëmmer erëm iwwer déi Theemen do mat him ze diskutéieren, wat och eng grouss Stärkung vun der Chambersaarbecht bedeit. A begrëssenswäert ass och, datt de Rapport muss verëffentlecht ginn, soudatt mer sécher sinn, datt Transparenz herrscht an datt domat och eng Qualitéit wäert groussgeschriwwen ginn.

Ofschléissend wéilt ech dann nach dem Här Roy Reding Merci soe fir säi gudde Rapport a seng gutt Leedung vun der Kommissioun. An natierlech och all de Leit vum Ombuds-Comité, dee jo elo dann ënnert dem Ombudsmann vun de Rechte fir d'Kanner a Jugendleche wäert funktionéieren.

A ech ginn domat den Accord.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer den Änderungsversuch zum Chambersreglement 7573. Den Text steet am Document parlementaire 7573¹.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 7573

De Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen, wannechgelift.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Dës Proposition de modification du Règlement 7573 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg uegeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Claude Haagen), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen (par M. Roy Reding), Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

12. Résolution de M. Sven Clement relative à la publication d'un rapport spécial de sortie de crise

(Résolution déposée en séance publique n° 36 du 13 mai 2020 - à consulter au compte rendu n° 17/2019-2020 en page 562)

Eise leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass d'Resolutioun vum Här Sven Clement iwwer d'Verëffentleche vun engem Rapport spécial ënnert dem Abanne vun alle mat der Coronakris befaasste Chamberskommissiounen, deen op Pistes de sortie de crise souwéi op d'Léieren, déi aus der Kris ze zéie sinn, ageet. An ech ginn d'Wuert un den Auteur vun dëser Resolutioun.

Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. Sven Clement (Piraten), auteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Regierung huet elo ee Plang. Dee Plang nennt sech dann „Neistart Lëtzebuerg“ a presentéiert Léisungen, wéi mir aus dëser Kris erauskomme sollen.

„Schéin a gutt!“, kann ee soen. Ma ech regretéieren, wéi esou heefeg, datt d'Regierung erëm net de Wee gewielt huet, fir d'Chamber mat an d'Ausschaffe vun dëse Léisunge matanzebannen. Och d'Parlament muss seng Responsabilitéit huelen an net d'Regierung einfach maache loosse.

Här President, ech hu viru Kuerzem déi Resolutioun hei deposéiert, déi virgesäit, alleguerten de Chamberskommissiounen, déi sech mam Coronavirus amgaange sinn ze befaassen oder sech wäerte mat de Konsequenze vum Virus befaasse misse, den Optrag ze ginn, e Rapport spécial de sortie de crise ze publizéieren.

Ma domat net genuch! Mir Piraten gesinn et als äussert wichteg un, datt d'Zivillgesellschaft mat an d'Iwwerleeungen, wéi mir aus där Kris erauskommen, abezu gëtt. Mir wëllen net, wéi dat beim CETA de Fall war, datt d'Zivillgesellschaft mam Fanger am Mond dostoe gelooss gëtt, ouni no hirer Meenung gefrot ze ginn.

Den Artikel 22 (veuillez lire: Artikel 25) vum Chambersreglement gesäit vir, datt d'Kommissiounen d'Méiglechkeet hunn, Auditions publiques duerchzéieren. Dëst ass an eisen Aen eng viabel Pist, fir d'Zivillgesellschaft wirklech konsequent an d'Aarbechte vun der Sortie de crise matanzebannen, hiren Avis ze lauschten an domat e méiglechste breede Konsens ze erreechen, dee gläichzäiteg all d'Aspekter an d'Enjeuen, déi esou eng Sortie de crise mat sech bréngt, kann abezéien.

Virun allem sollte mer eis als Chamber selwer sensibiliséieren. Mir sollten nolauschten a mir sollten als Chamber eis Pisten, fir aus der Kris erauszekommen, nidderschreiwen. Et ass kee reng intellektuellen Exercice. Et ass en Exercice, deen an deem Fall unique ass, mee mir sinn och mat enger relativ uniquer Kris hei befaasst.

Et ass en Exercice, deen definitiv méi Oppenheet hätt, wéi just tëschent engem Ad-hoc-Gremium, deen aus der Conférence des Présidents an dem Bureau besteet, an der Re-

gierung ze diskutéieren. Et wär en Exercice, dee wirklech géif op d'Matbestëmmung, op Bürgernahe, wéi een dat op Däitsch seet, agoen.

Mir mussen iwwer d'Cellule de crise erauskommen a mir mussen hikommen zu enger Approche, wou mer op jiddweree lauschten, wou mer mat jiddwerengem schwätzen a wou mer dann e méiglechste breede Konsens fannen, fir op eng unique Kris mat uniken Äntwerten opzewearden.

Mir wëssen, datt d'Regierung ewell annonciert huet, Lëtzebuerg neizestarten. Wéi eisen deemolege Walslogan verréit, wollte mer 2013, also viru siwe Joer schon, Lëtzebuerg rebooten. Dëse Reboot hätt an eisen Aen awer genee dora bestanen, direkt op den Dialog ze setzen an net de Plang ze annonciéieren an en dann einfach nëmmen duerchzéien.

Dëse Rapport de sortie de crise, wéi mir e gesinn, sollt also dofir ënner Abezéiung vu méiglechsten villen Acteurs stattfannen, méiglechste strukturéiert an encadréiert sinn an esou och weisen, datt d'Chamber den éischten Usprechpartner ass, wann et drëm geet, d'Zukunftsgestaltung no dëser Kris unzegoen. Alle guerten zesummen, ouni forcement e partiopolitescht Geplänkels, mee esou, datt mer konsensuell Léisunge fannen an domadder dann och Léisunge fir Lëtzebuerg fannen!

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen age droen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen et ganz kuerz.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wat awer feststeet, dat ass, datt déi lescht zweielef Wochen definitiv mussen opgeschafft ginn. An déi mussen vun der Chamber opgeschafft ginn, dat ass immens wichteg. Mir hunn eng speziell Situatioun an déi dierfe mer net einfach esou laanschtgoe loosse.

Wat awer genausou wichteg ass, dat ass, datt eis Zukunft hei muss preparéiert ginn. An och déi muss vun der Chamber preparéiert ginn. Do hu mer nach vill Sputt no uewen, wéi d'Chamber kann agebonne ginn. An dofir soen ech de Piraten och villmools Merci fir dës Initiativ. Ech denken, et ass wichteg, datt mir hei als Chamber eis Eegeverantwortung mat huelen. Mir hunn dat scho méi wéi eemol gesot a mir wëllen dat och. Mir mussen déi Wirtschaftskris, déi amgang ass ze kommen, definitiv probéieren esou wäit wéi méiglech ze verhënneren. A virun allem muss mer eis drop konzentréieren, datt keng extreem sozial Kris kéint. An do hu mer alleguer eng ganz grouss Verantwortung, fir eeben, wéi gesot, eis Zukunft ze preparéieren.

An ech denken, datt mer dat och solle mat der Zivillgesellschaft zesumme maachen. Dat ass och ee Punkt, deen d'Piraten froen. Dat ass wichteg. Mir hunn dat Instrument. Mir gräifen net dacks genuch drop zrëck. Et ass awer e wichtegt Instrument.

Wat eis vläicht nach hei feelt bei dëser Resolutioun, dat ass en Instrument, wéi mer dat kéinte besser encadréieren. An dat wär an eisen Aen u sech eng Spezialkommissioun, déi sech mat dësem Punkt géif befaassen. Dofir soen ech: Mir hunn eng speziell Situatioun. Fir déi speziell Situatioun opzeschaffen an och d'Zukunft ze preparéieren, bräichte mer dann och eng Spezialkommissioun.

Mir kënnen awer dës Resolutioun esou matstëmmen an dat anert als nächste Punkt dann awer gesinn. An dat kënnen mer jo dann an enger nächster Sitzung beschwätzen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. An da géif ech d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här Gilles Baum.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hunn ewell e puermol heuewen d'Bild vun enger Course géint de Virus benotzt, vun engem Marathon. An ech mengen, dëst Bild vun enger Course huet mer gutt gefall, well et effektiv ëm d'Zäit geet. D'Zäit, déi dee wichtigste Facteur ass an entschiet iwwer Erfolleg oder Mësserfolleg vun eiser Strategie géint de Covid-19. An dat soen eis och alleguer d'Experten.

Wann ee sech an enger Course befënnt, dann ass et net fir zrëckzekucken, mee et kuckt een no vir an et hält een d'Zillinn am Bléck. A loosst mech a mengem Punkt ganz kloer sinn: